



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 23/08/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

A senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro 960 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen schreift de Minister, datt ënnerschiddlech Vitesslimitatioune fir Elektro-Gefierer net duerchsetzbar wieren, well souwuel d'automatiséiert Radare wéi och d'Agente vun der Police keen Ënnerscheid kéinte maachen. Do dernieft wier et fir auslännesch Automobiliste schwéier ofzeschätzen, wien wéi séier fueren dierf.

Verschiede Länner, wéi zum Beispill Norwegen an Däitschland, hunn et virgemaach an Elektroautoe besonnesch Immatriculationsplacke reservéiert, mat deenen duerch en zousätzleche Buschtaf "E" oder eng speziell Faarf op den éischte Bléck ersichtlech gëtt, ob et sech em en Elektrogefier oder em en Transportmëttel mat klassischem Verbrennungsmotor handelt.

Dëst virun allem virum Hannergrond vu Kontrollen an Zonen, an deene just Autoe fueren dierfen, déi manner wéi X Gramm CO2 pro Kilometer ausstoussen, respektiv vu vereinfachte Kontrollen op Parkplazen, déi fir Elektrogefierer reservéiert sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Deelt de Minister d'Opfaassung, datt esou besonnesch Placke kéinten zu enger besserer Visibilitéit vun Elektroautoen am Alldag bäidroen?
2. Géif eng Propose fir d'Afféierung vu spezielle Placke fir Elektrogefierer d'Ënnerstëtzung vun der Regierung fannen?
3. Ass d'Regierung bereet, sech nieft enger nationaler Léisung och fir eng europäesch harmoniséiert Léisung fir d'Kennzeechnung vun Elektrogefierer anzusetzen?
4. Ënnerstëtzen déi haut vun der Police agesate Radaren e Filtrage no Plackennummer oder Plackentyp? Falls jo: Gëtt dës Filtrage-Funktioun well benotzt fir verschide Placken (z.B. déi vu Gefierer am Noutdéngscht) erauszefilteren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 8 octobre 2019



Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1107 du 23 août 2019 de l'honorable député Monsieur Sven Clement, concernant les plaques d'immatriculation, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ~~ëffentlech Aarbechten~~ op
d'parlamentaresch Fro n°1107 vum 23. August 2019 vum honorabelen Deputéierte Sven
Clement**

Den honorabelen Deputéierte Sven Clement freet a senger parlamentarescher Fro ob et sännvoll ass fir speziell Immatrikulatiounsplacke fir Elektroautoen anzeféieren.

Mat Bezuch op d'Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°960 sief nach emol betount, datt et aus Sécherheits- an ëmwelttechnesche Grënn net sännvoll ass, fir verschidde Vitesse op den Autobunne fir ënnerschiddlech motoriséiert Gefierer ze erlaben, wouduerch eng spezifesch Identifikatioun vun deenen eenzelne Gefierer och net noutwenneg ass. Och bei ëffentleche Parkplaze mat Opluetstatiounen, wou eng Identifikatioun vun Elektroautoen eventuell interessant kéint sinn, ass esou eng Erkennung net noutwenneg, well nëmme Gefierer do parken däerfen, déi och wierklech lueden an deemno kloer siichtbar per Kabel un d'Opluetstatioun ugeschloss sinn.

Well et och soss keng spezifesch Exceptiounen fir esou Gefierer am Code de la Route ginn, ass net geplangt fir speziell Plackenummeren op Grond vun der Motorisatioun anzeféieren.

Ob den aktuelle fixe Radaren gëtt och kee Filtrage vu Placke oder verschiddenen Type vu Placke gemaach.